# D'Kiischtefest ass de 7. Juli

## D'Trëntenger Musek huet e Scheck un de Frëndeskrees Kamerun iwwerreecht

**Waldbriedemes.** Kierzlech hat d'Trëntenger Musek hir Generalversammlung am Museksssall zu Waldbriedemes.

De President Jean Thurmes huet zu enger Gedenkminutt fir déi verstuerwe Membere vum leschte Joer opgeruff. Dono huet de Sekretär Marc Schumacher den Aktivitéitsbericht virgedroen. Aus dem Rapport war erauszehéieren, dass net manner wéi sechs Concerten, gespillt an zwielef Cortègen an Sortië musikalesch encadréiert goufen. Donieft stoungen och nach aacht grouss Manifestatiounen ewéi Fuesent baken, Kannerfuesbal an d'Kiischtefest um Programm. Fir déi sëlleg Sortien ze preparéieren, haten d'Musikanten 38 Prouwen an zwee Proufstagen.

De Jean Thurmes huet uschléissend den Aktivitéitsbericht vun den Trëntenger Kiischtentrëppler virgedroen. Am Numm vun de Keesserevisoren huet den Armand Becker déi exakt Buchfeierung vum Keessier Fernand Hoss bestätegt. D'Sandy Mreches an den Armand Becker sinn als Keesserevisoren ugeholl ginn.

De Fernand Hoss a d'Lynn Ruppert goufen an de Comité zréckgewielt. De Jouko Menger ass net méi ugetratt a krut Merci gesot fir seng Aarbecht. D'Deike Wolter ass nei opgeholl ginn.

De Comité setzt sech elo folgendermoossen zesummen: President: Jean Thurmes; Vizepresident: Lucie Raach; Sekretär: Marc Schumacher; Keessier: Fernand Hoss; Jugendvertrieder: Lynn Ruppert; Memberen: Mariette Hemmen an Deike Wolter.

Dëst Joer sinn de Galaconcert den 9. Juni an d'Kiischtefest mat IVV-Wanderung zu Trënteng de 7. Juli. De Carlo Kütten, als Buergermeeschter vun der Gemeng Bous, huet bemierkt, datt d'Trëntenger Musek ëmmer do ass, wa se gebraucht gëtt. De Louis Oberhag, Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbriedemes, huet betount, dass d'Musek feste Bestanddeel an der Gemeng a vum kulturelle Liewen ass.

No de Riede vun de Gemengevertrieder an der fräier Aussproch stoung nach eng Scheckiwwerreechung um Programm. Am Kader vun der Quête nom Chrëschtconcert am Dezember zu Trënteng an der Kierch konnten 1 075 Euro gesammelt ginn. Dëse Scheck ass un de Frëndeskrees Kamerun iwwerreecht ginn. Dem President Léon Kraus no fléisst all eenzelne Cent am Kamerun an ee wichtege Projet. C.




*1 075 Euro ware bei der Quête nom Concert am Dezember zesummekomm.*